N°1435
Entrée le 25.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.10.2024
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 684/2024
28 OCT. 2024
A traiter par :
Copie à :

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madame Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau wieder ze leeden.

Den aktuelle Laboratoire vun der Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) ass scho säit Joren net méi konform, an et hunn sech successiv Regierunge beméit, en neie Site ze fanne fir een neie Labo ze bauen. Nodeems alternativ Sitten net a Fro koumen, huet déi läscht Regierung deciceiert, de Laboratoire op de Campus vun der Akerbauschoul op Gildref ze bauen an huet déi néideg administrativ Schrëtt an d'Weeër geleet. Dëse Laboratoire ass ee wichtege Baustee fir den zukünftege Landwirtschafts-hub an der Nordstad.

An deem Kontext wollte mir follgend Froen un d'Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madame Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau stellen:

- **Wéi steet d'Regierung ze dësem Projet?**
- **Wat ass dee leschte Stand vun de Planungen?**
- **Wéini gëtt de Projet de Loi deposéiert?**
- **Wéini soll de Bau ufänken a wéini soll de Laboratoire fäerdeg ginn ?**

Här President, Mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Charel Weiler**

**Députéierten**

**Jeff Boonen**

**Députéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an vun der Madamm Martine Hansen, Ministech fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro N° 1435 vum 25. Oktober 2024 vun den honorabelen Deputéierten Charles Weiler an Jeff Boonen iwwert den Bau vum Laboratoire vun der "Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA)".**

Déi honorabel Deputéiert stelle froen zu dem Projet fir de Bau vum Laboratoire vun der « Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) ».

**Ad 1)**

De Bau vum neie Laboratoire huet héich Prioritéit fir d'Regierung. Den ASTA Laboratoire soll sou séier wéi méiglech eng nei Infrastruktur kréien, déi u seng Besoinen ugepasst ass. De Laboratoire brauch dës Infrastruktur fir seng Aktivitéiten an engem Kader ausféieren ze kënnen, deen den Ufuerderungen un d'Beruffssëcherheet mee och dem Gesondheets- an Ëmweltschutz gerecht gëtt. Ausserdeem ass d'Verlagerung vum Laboratoire wichteg fir d'Entwécklung vum Projet "Neie Schoulcampus" deen am Moment um Site vum fréiere Lycée Technique Agricole geplangt ass. Do sinn zousätzlech Strukturen fir den Lycée Technique d'Ettelbruck (LTETT) an den Lycée technique pour professions de santé (LTPS) geplangt.

**Ad 2)**

Den Avant-Projet détaillé ass am gaangen ofgeschloss ze ginn a muss nach validéiert ginn. Déi néideg Geneemegungs-Dossiere sinn am gaange preparéiert ze ginn. Parallel muss vun der Gemeng Bettenduerf eng punktuell Modifikatioun vum PAG gemaach ginn.

**Ad 3)**

De Projet de loi gëtt viraussichtlech ugangs 2025 deposéiert.

**Ad 4)**

Fir d'éischt muss de Projet de loi gestëmmt ginn a wann d'Exécutionspläng souwéi déi néideg Geneemegunge virleien, kënnen d'Ausschreiwungen ufänken.

D'Dauer vun den Aarbechte gëtt wéngst der Komplexitéit vum Bau op mindestens 40 Méint geschat.

Lëtzebuerg, den 25. November 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes